

Joseph Mangerich

25, Om Widdem

L-5685 Duelem

Kommunikatioun un all Biergerinnen a Bierger vun der Gemeng Duelem

Ech hun an der leschter Gemengerotssetzung vum 10. November 2006 meng Demissioun als Scheffen vun der Gemeng Duelem gin. Dat wor keng einfach Entscheidung, mee menger Meenung no di eenzeg richtigeg Entscheidung. Et ass mer wichtig, dass all Bierger aus der Gemeng di ganz Wourecht erfueren iwer dat wat an eiser Gemeng leeft. Da kennen se sech selwer e Bild and en Urteel maachen. Dofir hun ech meng Usprouch zu menger Demissioun am Gemengerot vum 10. November hei ofgedreckt an d'Heiser verdeelt.

Ech well bei deser Geleenheet all dene Leit Merci soen di mer hiert Vertrauen geschenkt hun. Vir d'eischt eis Buergermeeschtech Marie-Ange Mousel-Schmit, dann eis Conseilleren Joseph Heisbourg an Paul Steichen, dann all déi Leit di mer hier Stemm bei de Wahle gin hun. Et ass zou Eieren vun dene Leit wou ech am Gemengeroot bleiwen, an net a mengem Entsetzen iwert d'Politikergehabe an eiser Gemeng di politesch Tribün ganz verloossen.

Madame Buergermeeschter, dir Kollegen aus dem Scheffen- an Gemengerot. Léif Leit.

Wéi ech virun engem Joer an des Gemengeverwaltung erakoum, an mir d'Finanzen uvertraut goufen, hun ech vun de Virgänger en 2005er Budget iwerholl, deen em 500.000 Euro défizitär wor, an deen mat enger Rekordverschöldung vun iwer 6 Milliounen Euro einhergoung.

14 Deeg virun de Wahlen huet di fréier Equipe nach mordikus wollten en Projet vun em di 10 Milliounen Euro fir eng Sportshaal durchbuksen, ouni e stichhaltegt Finanzierungskonzept ze présentéieren. Glecklecherweis ass dat net durchgaang.

*Wéi ech den Eescht vun der Finanzlaach vun der Gemeng öffentlech an der éischer Gemengerotssetzung présentéiert hun, krut ech de Kommentar vun de fréiere Verantwortlechen, dass dat alles näischt neits wir, and dass si dat schon längstens wéisten. Jiddenfalls woust d'Öffentlechkeet esou wéineg dovun wéi di meeschte Gemengerotsmitglieder! An wann di fréier Verantwortlech dat esou genau wousten, dann müssen sech de Virwurf gefaale lossen, d'Gemengefinanzen **a vollem Bewostsäin** an di esou kritesch Situatioun eran manövréiert ze hun.*

Beim Bugdet 2006 gouf ech dunn gelästert, well ech den Subsid fir di nei technesch Hall net agsaat hun, e Subsid den sech em 30% vum Gesamtbetrag vun 2,2 Milliounen Euro sollt belaafe, an deen wéinst engem Ministerversprieche absolut secher sollt sin. Mir hun mam Minister geschwaat, an dun huet sech eraus gestallt, dass di fréier Equip hir Arbecht net gemaach huet: di offiziell Ufro vum Subsid, di beim Ufank vum Bau (also am

Joer 2001) ze erstellen ass, gouf net gemaach, an domat huet de Ministère keng Verpflichtung, eis irgendeen Subsid ze bezuelen.

Mir hun di Formalitéit dun nodréiglich gemach, an de Minister huet eis en Subsid op Basis vum Initialbetrag an Aussicht gestalt, also vun 1,2 Milliounen Euro, an net vun 2,2 Milliounen (well jo bekanntlech d'Ausgab um Enn bal duebel esou héich wor wéi geplangt). Ech hun mehrfach an de Ministère ugeruff fir ze wessen wou di Sach dann dru wär, an ech krut gesoot, dass eis Sach, d'éischt am September, dunn am Oktober, an elo wahrscheinlech am November, am Komitee op d'Daagesordnung komme sollt. Secher wär awer schons elo, dass mer näischt méi am Joer 2006 gife kréien, well de StaatsBudget elo erschöpft wir. An wann mer dann eppes kréien sollten, dann wir dat sträppweis iwert d'Joer 2007 verdeelt.

Fazit: durch d'Noléssechkeet vun den fréieren Gemengeverantwortlechen fehlen eis elo emmer nach 660.000 Euro an der Kees! - An mir können eis glecklech schätzen wann mer villäischt d'Halschent dervun irgendwann kréien.

Meng Bestrebung mam Budget 2006 wor et bei den Ausgaben, iwerall wou nemmen méiglech, d'Brems ze zéien, an Stabilitéit a Visibilitéit an d'Finanzen ze kréien. Ech hun d'Joer 2006 als Iwergangsjoeer erklärt (wéi och am Buet ze liese wor), vun enger kurzfristiger "vu Jor zu Jor" Finanzpolitik, op eng mettel- a langfristeg Finanzpolitik, **mat engem 5-Joresplang**.

Natierlech sinn ech dobäi net eleng, a muss mech no den demokrateschen Majoritéitsprinzipien riichten. Esou hun ech mech dun och der Mehrheet ugeschloss, wéi et drem goug den Domaine Simon ze kaafen. Dobäi hun ech ower klor zum Ausdrock bruecht, dass esou eng Ausgab nemmen dann ze verantworten ass, wann de Staat e substanzialen Subsid bäiled. Kultur an Archäologie an Eieren, mee **et kann net sinn dass d'Awunner vun vîrun 2000 Joer méi wichteg sinn wéi d'Awunner vun haut**.

Dobäi sinn d'Awunner vun haut beileiwen **net verwind** vun eiser Gemengeverwaltung! Eis technesch Infrastrukturen vun Drenkwaasser an Ofwaasser sinn zum Deel a ganz schlechtem Zoustand, an eis Schoulinfrastrukturen sin wäit hannert dem heitege Standard. Dô gelt et d'Geld zesammenhaalen wou et nemmen geet, fir wéinstens dat allernéidechst wat mir als Gemeng dem Birger schellig sin, ze gewähleiten.

A menge Berechnungen zum 5-Joresplang hunn ech eng Héichrechnung gemaach: wa mer déi Investitiounen maachen di mettelfristeg noutwendeg sinn fir an eiser ganzer Gemeng d'Waasser Versurgung and Entsurgung an de Greff ze kréien, da brauche mir eleng dofir e Budget vun mindestens 7 Milliounen Euro iwer di nächst 8 Joer. Emgewälst op den Waasserpräis, heescht dat: **6-7 Euro pro M3 Waasser**. Haut si mer bei 1,65 Euro pro M3 (Drenkwaasser an Ofwaasser zesummegerechent).

Wat d'Schoulinfrastrukturen ubelant, gin hei d'Investitiounen wuel subsidiéiert, mee etwa d'Halschent muss emmerhin nach aus der Gemengekees bezuelt gin. Fir di noutwendeg Gelder bereetzustellen muss op alle Fronten gekämpft gin: (1) Gemeinsamprojeen mat anere Gemengen unzielen, (2) Gelder flesseg machen durch Veräusserung vun

Gemengepropriétéiten, an (3) spuren wou et nemme geet. Wann mir dat net färdeg brengen, da **setze mir a fennef Joer eis Schoulkanner a Kontainer!**

Do get et Leit an eiser Gemeng di hunn dat do verstanen, an et get Leit di hun et **net** verstanen. Déi Leit di et am beschte verstanen hun, dat sin d'Elteren vun eise Schoulkanner. An déi Leit di et net verstanen hun, sin di meeschte Leit ronderem desen Desch! Dozou krute mer jo e fulgurante Beweis beim Projet vun der Revisioun vum Schoultransport. **Et muss een sech dat emol esou richtig op der Zong zergoen lossen:** d'Bevölkerung huet méi Asiicht an Versteesmech fir d'Problemer an de Gemeengefinanzen wéi di Verantwortlech di vun hinnen gewielt goufen fir doriwer ze entscheeden!

Besonnesch pikant ass de Skandal vum Schoultransport dodurch, dass mäin Matscheffen de Projet bis zuletzt matverteidegt huet, wouvun et genügend Zeihen an der Bevölkerung get. Réicht wéi hien gesinn huet, dass en am Schefferot Schwieregkeeten mat sengem Projet vun den Ännerungen vum Bautereglement kriit, huet en sech vun engem Daach op den aneren géint d'Revisioun vum Schoultransport gestallt! Do mach munchereen sech froen: wat huet de Schoultransport mat dem Bautereglement ze din? - Nun, de Schoultransport wor mäi Projet, an d'Bautereglement wor säi Projet! Mäi Projet, säi Projet, dann ass et definitiv net méi dem Bierger säi Projet! ... Domat hu mer de beschte Beweis dofir, dass et mengem Matscheffen definitiv net em d'Interessen vun der Gemeng an de Bierger geet, mee em ganz aner Zieler. An denen Zieler get dann rücksichtslos alles geopfert, ganz nom Motto "der Zweck heiligt die Mittel". - **Mir spuren also bis op weideres keng 60.000 Euro d'Joer um Schoultransport**.

An dobei sinn einschneidend Mossnahmen an de Gemeengefinanzen esou bludnoutwendeg an esou dringend wi nie. Wann ech dann dozou den Fanger hiewen, da kréien ech aus desen Reihen esou erstaunlech Bemierkungen ze héieren, ewei "eng Gemeng kann net Faillite goen", oder "eng Gemeng ass kee Privatbetrieb". Grad ewei wann en Euro an enger Firmekees sech anescht gif ufillen, oder anescht gif schmachen, ewei an der Gemeengekees. D'Gemeengefinanzen verwalten wéi e wirtschaftleche Betrieb: dat ass den Trend den eis Regierung mat Recht ageschloen huet. De Ministère schwetzt elo vun Amortissement an Käschtendeckung. Dat sin Begreffer aus der Wirtschaft. Besonnesch dann wann d'Geld net méi esou felleg ass, get et fundamental wichteg d'Gemeengefinanzen no ökonomechen Richtlinien ze plangen an ze féieren. **Ween dat net hikritt, dee fiert géint eng Wand!**

Anplatz dass mir ronderem desen Desch eis mat de wirklechen dringende Problemer befaassen, verbrenge mir eis Zäit mat Polemik a Sträit. Fir mech, deen elo réischt säit engem Joer dobei sin, get et dofir zwou Hauptursaachen: (1) Di al an fréier Streidereien a Rivalitéiten teschent dene respektiven Protagonisten, di chronesch ausarten, emmer erem nei opgekacht gin, an d'Atmosphär vergeften. (2) D'Bestrebungen vun allze ville Leit ronderem desen Desch fir sech selwer ze profiléieren an dobei Konkurrenzfehden a Karrierekrich féieren. Dat ganz um Reck vun de Kollegen, mee virun allem um Reck vun der Allgemengheet. - **Et ass een dem aneren säin Däiwel!** - Objektivdenken get dem politische Klengkrich geopfert, esou dass politesch Diskussiounen sterill a peinlech gin, an domat kaum nach Aussicht op Erfolleg kréien.

Extreem grave an onerträglech get et mir spéitstens dann, wann, fir de perséinlechen Ego durchzesetzen, di demokratesch Grondprinzipien mat Féïss getreppelt gin. Dat hunn ech leider missen desen August am Schefferot erliewen.

Demokratech Regeln fundeieren op **Majoriteitsprinzipien**. Dat gelt fir d'Wahlen, esougudd op Nationalplang wei op Gemengeplang, an enger Chamber, wéi an engem Gemengerot, an esou och en engem Schefferot. A wann e Gesetz oder eng Dispositioun vun der Majoriteit gestemmt ass, an ech wor net dofir, dann ass et nawell fir mech gültig. Wann ech mech domat net kann offannen, dann distanzeieren ech mech dodurch, dass ech main Hut huelen, a gin.

Esou gesäit mäin Matscheffen déi Saach awer net. Wann hien iwerstemmt get, dann fönnt hien aner Mettelen a Wéer di demokratesch Décisioun iwer de Koup ze werfen. - Eist Gesetz huet dem Conseiller d'Recht gin e Punkt op d'Daagesordnung ze forceieren fir sech domat géint en zevill direktiven Schefferot ze wieren. Skandaleis ass et awer, wann e Scheffen vun desem Recht Gebrauch mecht, fir säin eegene Gremium domat ze sabottéieren. Genau dat ass den 3. August 2006 geschitt. - Ganz wuel muss mäin Matscheffen sech dobei net gefillt hun, dofir huet en sech jo nach e gefueegen Supporter ennert de Conseilleren gesicht, den dat Spill do naiv matgemach huet, an seng Ennerschreft op dat Sabotagedokument gesat huet. Guddmiddeg huet dunn eis Burgermeeschtech d'Fuederung, trotz Formfehler, akzeptiert, an domat wor d'Ziel vun mengem Matscheffen ereesch: de Schefferot, oder dat wat nach vun em iwereg bliwen ass, gouf en d'Minderheet gesaat, an prompt bäi alle 4 wichtige Punkten iwerstemmt!

Et ass klor dat am Virfeld Ofsprochen vu mengem Matscheffen mat der Oppositioun stattfond hun. Nemmen esou ass ze erklären wéisou de Porte-parole vun der Oppositioun (hei elei kuck elei) als Kandidat am Syvicol nommineiert konnt gin.

Fazit: Eis Majoriteit ass gekippt, de Schefferot ass gekippt, de Buergermeeschter ass gekippt, eis ganz Gemengeverwaltung ass gekippt. An firwat? Weinst 1 oder 2 Baugenehmegungen am Bongert, di ze laang daueren? ... Ech brauch kee grouse Politiker ze sin, fir ze verstoen wourem et elei geet! ... Et ass nemmen just schued, dass et keng 2 oder 3 Burgermeeschteren en enger Gemeng ka gin.

Dat ass wéi hei zu Duelem Politik gemaach get. An domat kann ech net averstane sinn. Ech sin heihinner komm fir eis Gemeng novir ze brengen, mee dat ass an dem zersetzende Klengkrichsklima dat hei herrscht, an der Verantwortungslosegkeet déi allen Ennen hei un den Dach geluet get, **net méiglech**. Fir an esou enger "Equip" kennen ze bestoen, brauch een virun allem ausgezeechent Kompetenzen am **Intrigemanagement**. Fachkompetenz, Professionalitéit an Enthousiasmus fir d'Saach sin **net** gefroot! Dofir sinn ech net de Mann deen dir braucht. An dofir zéien ech meng Konsequenzen, an deposéieren heimat meng Demissioun als Scheffen.

Ech soen iech merci fir d'Nolauschteren.